

# 4<sup>e</sup> séance

## Jeudi 12 octobre 2000

*Présidence*

*M. Jean Spautz, Président*

*M. Niki Bettendorf, Vice-Président*

### *Ordre du jour*

1. Dépôt d'un projet de loi

2. Projet de loi 4138 sur les syndicats de communes

Projet de loi 4139 ayant pour objet de modifier la loi communale du 13 décembre 1988 et la loi modifiée du 24 décembre 1985 portant fixation du statut général des fonctionnaires communaux (*Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale*)

3. Question urgente 750 de MM. Ben Fayot et Mars Di Bartolomeo concernant le plan hospitalier

4. Projets de loi 4138 et 4139 (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi 4138 - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Lecture du texte du projet de loi 4139 - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)

5. Ordre du jour

6. Projet de loi 4409

a) concernant la prévention du surendettement et portant introduction d'une procédure de règlement collectif des dettes en cas de surendettement;

b) portant modification du Livre 1<sup>er</sup>, Titre 1<sup>er</sup>, article 4 du Nouveau Code de procédure civile

Proposition de loi 3813 au sujet du règlement des situations de surendettement des particuliers (*Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, M. Michel Wolter, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

*(Début de la séance publique à 14.31 heures)*

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Assentiment)*

Den Här Minister Grethen freet d'Wuert.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.-** Par arrêté grand-ducal du 5 octobre 2000 je suis autorisé à déposer le

- *projet de loi 4712 modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.*

**M. le Président.-** D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Transportminister Henri Grethen a gëtt e weider un déi zoustänneg Kommissioun.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4138 iwwert d'Gemengesyndikater a vum Projet de loi

4139 iwwert de Statut vun de Gemengebeamten. Béd Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt an deemno opgedeelt.

Et si fir d'Diskussioun schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Klein, Gibéryen, Gira a Bodry.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projeten, den honorablen Här Marco Schank.

*(Interruption)*

Den Här Gusty Graas freet d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP).-** Här President, Dir hutt kee Verrieder vun der DP genannt. Do ass awer och een ageschriwwen.

**M. le Président.-** Neen, do ass keen ageschriwwen.

**M. Gusty Graas (DP).-** Da kënt Der mech nach aschreiwen, wann Der wëllt.

**M. le Président.-** Jo, da schreiwen ech Iech nach an...

*(Interruption)*

...an den Här Bisdorff och, t'ass an der Rei.

## 2. Projet de loi 4138 sur les syndicats de communes

### Projet de loi 4139 ayant pour objet de modifier la loi communale du 13 décembre 1988 et la loi modifiée du 24 décembre 1985 portant fixation du statut général des fonctionnaires communaux

*Rapport de la Commission des Affaires intérieures*

**M. Marco Schank (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt - fir unze-fänken - Iech ee Saz an Erënnerung ruffen: „Le Gouvernement procédera à la révision de la législation des syndicats intercommunaux en définissant notamment les modalités de recours à l'emprunt. La transparence des structures décisionnelles sera renforcée et le droit à l'information des différents intervenants sera garanti.“

Dëse Saz, Dir hutt et geroden, staamt aus enger Regierungserklärung, an zwar aus där vun 1994. En ähnliche Saz fanne mer iwwregens 5 Jor méi spët an der Regierungserklärung vun 1999. Dëst weist eis zwou Saachen: Éischtens huet ënner zwou Koalitiounen - also bei deenen dräi grouse Parteien - de Wille bestanen, fir d'Syndikatsgesetz ze reforméieren, an dat och am Zesammenhang mam Problem vum Recours à l'emprunt.

Dat Zweet ass, datt de Gesetzesprojet iwwert d'Gemengesyndikater schonn e relativ laange Wee hanneru sech huet. E gouf déposéiert 1996 am Mäerz, viru 4 Jor. Ech mengen awer kënnen ze soen, datt déi Zäit, déi vergaangen ass, gutt genotzt gouf, fir de Projet dann an där Form, wéi mer en haut virleien hunn, an de Plenum ze bréngen.

Ënnert där leschter Majoritéit genau wéi ënnert där jëtzege, ass vill vun den zoustännege Kommissiounen un deem Gesetz geschafft ginn, an et ass op ville Punkte lues a lues och verbessert ginn. Ech wéilt vun där Geleeënheet profitéieren, fir all de Membere vun der fréierer an der jëtzege Kommissioun merci ze soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht, a vläicht e besonnesche Merci un de Fränz Biltgen fir seng Aarbecht als Rapporteur vun deem Gesetz an där leschter Legislaturperiod.

Ech selwer si gewëssemooßen als Seiteneinsteiger an dëse Projet de loi erakomm, an hunn dofir dëse Projet, well ech jo d'Antécédents net all kennen, vläicht heinansdo eppes manner crispéiert gekuckt, wéi verschiddene vu menge Kolleginnen a Kollegen.

Mä zum Projet de loi selwer. Eigentlech handelt et sech jo ëm zwee Projeten, wéi Der wësst: Engersäits dat eigentlecht Syndikatsgesetz, anerersäits eng Rei vu Modifikatiounen um Gemengegesetz respektiv um Statut vun de Gemengebeamten, déi sech duerch dat neit Syndikatsgesetz opdrängen. Et dréit sech bei der Reform vum Syndikatsgesetz haaptsächlech ëm dräi Punkten:

1. méi eng grouss Transparenz, dat heescht - ech soen elo mol - ee strukturéiert Matsproocherecht vun de Gemengerotsmembere vis-à-vis vun hiren eegenen Syndikater;

2. e verbessert Recht op Informatiounen, wat an déiselwecht Richtung geet, mä d'Biergerinnen an d'Bierger aus de Gemengen abënn;

3. d'Modalitéite vum Recours à l'emprunt.

Datt eng Reform vun der Gesetzgebung néideg war, beweist a mengen Ae ganz däitlech, datt d'Gesetz op de 14. Februar 1900 zrëckgeet. Datt dat d'Syndikatsgesetz esou al ginn ass, beweist awer och, datt déi geregelt Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen hei am Land eng laang an eng positiv Traditioun huet. Dës Zesummenaarbecht tëschent de Gemenge war an ass eng gutt a si ass noutwendeg. D'Grënn, déi d'Gemengen dozou bréngen, sech zesummenzedinn, si ganz verschidden an hu sech mat der Zäit geännert. D'Gemengen zu Lëtzebuerg si fir vill Aufgabeberäicher einfach ze kleng fir eleng eens ze ginn. Dobäi kënnt - Dir wësst et, déi an de Gemenge schaffen - déi steigend Komplexitéit vun den Aufgaben, déi op d'Gemengen zoukommen.

D'Gemengesyndikater sinn net déi eenzeg Form vu Kooperatioun tëschent Gemengen, déi ee sech kéint virstellen. Och hei zu Lëtzebuerg sinn an der Vergaangenheet - dat wësse vill Leit heibanne besser wéi ech - scho mol aner Modeller diskutéiert ginn, wann och ouni ganz vill Succès. Ech kann an deem Kontext un ee Projet de loi vum fréieren Deputéierte René Kollwelter erënneren iwwert d'Kreatioun vun enger Communauté urbaine. Ech hu mer soe gelooss, dee Projet, deem nom Modell vun der franséischer Législatioun funktionéiert hätt, hätt zwar Kapp a Fouss gehat, mä deemools net vill Supporter fonnt. Vun Zäit zu Zäit kënnt ëmmer erëm d'Fusioun vun de Gemengen an d'Gespréich an et ass schwéier, dëst Thema am Fong an ouni Emotiounen ze diskutéieren.

Ech perséinlich - ech soen dat ganz éierlech - si kee Frënd vu Gemengefusiounen an dat, well ech éischter un d'Zesummeschaffe vu klengen, iwwersiichtleche Gemengen op regionalem Niveau gleewen. An där méi regionaler Optik muss een hei och d'Gesetz vun 1999, dat mer d'lescht Joer gestëmmt hunn, iwwert den Aménagement du territoire ernimmen. Et ass e Gesetz, dat nach vum fréiere Minister Bodry abruecht gouf, dat d'Grënnung vu Syndicats régionaux virgesäit, fir ënner anerem de